



17 SDG'S FIR ENG BESSER WELT

Grad elo kënne mer d'Zäit notze fir méi iwwert d'international Scoutwelt gewuer ze ginn. Hues de scho vun de 17 Sustainable Development Goals (SDGs) héieren? Wosst de dass d'Weltscoutsorganisatiounen déi énnert dem Motto "Scouts for SDGs" adoptéiert hunn? Hei e klengen Ableck mat Aktivitéiten déi s du doheem maache kanns!

6 SAUBERES WASSER UND SANITÄRE EINRICHTUNGEN



Goal 6: Proppert Waasser a Sanitäranriichtungen

„Verfügbarkeit und nachhaltige Be- wirtschaftung von Wasser und Sanitär- versorgung für alle gewährleisten“

Biber, Wöllef, AvEx, CaraPio, RaRo: Haut geet et drëms, selwer en Filter ze bastelen. Sou kann een aus knaschtegem Waasser, proppert Waasser maachen. An ville Länner wou kee Waasser aus dem Krunn kénnt ass dat immens wichteg. Du kanns dech un där hei Iddi inspiréieren oder kreativ ginn. Kéint en sou eppes souguer och mol um Camp gebrauchen?

Goal 13: Moosnamen zum Klimaschutz - Wat iessen mir?

„Umgehend Maßnahmen zur Bekämpfung des Klimawandels und seiner Auswirkungen ergreifen“

Biber, Wöllef, AvEx, CaraPio, RaRo: Fir eis Êmwelt ze schützen ass et immens wichteg lokal anzekafen; dat heesch dass Uebst, Geméis, Fleesch, Eeér,... aus eisem eegene Land oder den Nopeschlänner kommen. Dann huet et kee wäiten Transportwee am Camion oder souguer am Fliger gemaach, wou enorm vill CO₂ an d'Êmwelt fräigesat gëtt. Zudeem, wann déi ganz Welt géif op eng vegan Diät émstellen, kéinte mir eis Emissiounen an dem Beräich em 70% reduzéieren. (vegetaresch: 60%). Haut ass et un dir, dech ze motivéieren et fir een enzege Menü ze probéieren : Sich dir en vegaant Rezept mat lokale Produiten a kach oder bak drop lass.

13 HANDELN FÜR DEN KLIMASCHUTZ



15 LEBEN AN LAND



Goal 15: Liewen um Land - eng kléng Naturbotz!

„Landökosysteme schützen, widerherstellen und ihre nachhaltige Nutzung fördern, Wälder nachhaltig bewirtschaften, Wüstenbildung bekämpfen, Bodendegradation beenden und umkehren und dem Verlust der biologischen Vielfalt ein Ende setzen“

Biber, Wöllef, AvEx, CaraPio, RaRo: Haut geet et drëms eis Bëscher, Déieren an eis Natur ze schützen. Macht iech mat enger Plastikstut an Händschén op de Wee a sammelt all Dreck op deen dir sou fannt. Et ass egal ob dir laanscht eng Strooss gitt, duerch de Bësch oder iwwert beléift Spadséierweeër, dir wäert gesinn, leider fannt dir iwwerall eppes fir an är Tut.

Du wëlls mei?

Op eisem site <https://international.lgs.lu/sdgs/> fénns de eng 17-Deeg Homechallenge iwwert d'SDGs, a nach vill méi! Maacht Fotoen a post se mam #Scouts4SDGs an #17days17sdgs

